

# Kabaret Sténkdéier

MAT HIREM PROGRAMM

# Eisen alldeegleche Weltënnergang

16. MÄERZ 2024 - CENTRE CULTUREL TURELBAACH - MÄERZEG

GEMENG MÄERZEG

## Kabaret Sténkdéier
## mat hirem Programm

# Eisen alldeegleche Weltënnergang

Regie: Joe Heintzen a Noémie Leer
Texter: Roland Meyer

## Samschdes, 16. Mäerz 2024

**um 20.00 Auer am Centre culturel Turelbaach zu Mäerzeg**
**Entrée: 20 €**

D'Plaze si limitéiert.

Op Umeldung bis den 12. Mäerz 2024
via Email: inscription@mertzig.lu
oder Tel.: 83 82 44 - 1 (Büroszäiten).

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.

**www.stenkdeier.lu**

ET SPILLEN
Conny Braquet
Claude Faber
Luc Schumacher
Irène Zeimes

TEXTER Roland Meyer

MUSEK Camille Nanquette

REGIE Joe Heintzen a Noémie Leer



## Eisen alldeegleche Weltënnergang

An eisen haarden Zäiten geet d'Welt gefillt op d'mannst eemol den Dag ënner. Mat der Apokalypse virun eis sti mer moies op a no engem mäerdereschen Amoklaf duerch de Labyrinth vu Panik a Paranoia leeë mer eis owes an d'Bett a … kënnen net aschlofen. An der Nuecht geeschtere mer wéi Zombien duerch d'Weltgeschicht.

Wéi solls de dobäi gesond a monter bleiwen, wéi sollen esou deng gutt Laun an deng Zouversiicht net op der Stréck bleiwen? Klima a Katastroph, Tornado an Tsunami, Krich a Krawall dreiwen dech an d'Äerm vu Psychologen, Astrologen an aner chronesch Pathologen oder eeben an d'Ofhängegkeet vun hippen Designerdrogen.

Mee elo gëtt et Hoffnung: eis héichmotivéiert a haarttrainéiert Spezialiste vum Kabaret Sténkdéier bréngen an hirem aktuelle Programm nees Rou a Geloossenheet an Ären Alldag. Si huelen Iech zeréck op de Buedem vun den Tatsaachen a loossen Iech duerch eng rasant Klengkonschttherapie voller Witz an Humor all Äre Misär ee fir alle Mol vergiessen. An dëst alles op Käschte vun der Allgemengheet, dem groussherzoglechen Haff an all deenen aneren Dichtegen a Wichtegen oder deenen, déi sech dofir halen!